

Alain ATTEN

# "En Aarbel voll Gewunnechten, Iddiën an Erënnerongen..."

*Den Här Alain ATTEN as Archivist am Staatsarchiv, ee vun de Päpp vum Lëtzebuerger Dictionnaire an als Historiker op d'15. Jorhonnert an de Klëppelkrich speziaLiséiert.*

*forum: Wat as fir iech "Lëtzebuerger Aart"?*

A.Atten: Lëtzebuerger Aart as fir méch eng Rëtsch vu Gewunnechten, sproochlecher zemools, vun Iddiën, vu Reaktiounen, vu Virléifte fir bestëmmte Saachen, déi ech schwéier kënnt auserneen huelen, ma doutsécher hir Bedeitung fir méch hun. Ma grad esouwéineg wéi ech glewen datt déi Mentalitéit, déi ech domat undeiten noutgedronge baussent de Grenzpéil ophält, grad esouwéineg mengen ech, datt bannenan e Minettsdapp an en Eislécker séch iwwerall gläichen. Wann s'och nëmmen e bësse Mënschekenner sin, da soën s'et selwer: Si dohanne sin aner Leit ewéi mir. Ech fannen datt tëscht Huldang a Lengeler z.Bsp. de mënschlechen Ennerscheed méi kleng as trotz der Grenz, ewéi tëscht Huldang an Esch-Uelzecht ouni Grenz. D'Distanz an de Milieu man den Ennerscheed. Domat kritt een et ewell manner liicht, fir vu Lëtzebuerger Aart ze schwätzen.


Ma wann een d'Wuert schon an de Mond hëlt, da wir déi Aart virun allem an der Sprooch ze gräifen. Mir sin esouwäit komm, - zënter datt mer 1839 eis romanesch Halschecht un d'Belsch lassgi sin-, fir aus eisen Dialekter eng Emgangssprooch ze zillen, déi jidderee versteet an déi di allermeescht och scho schwätzen. Wat natiirlech elo méi Auslänner erakommen a wat d'Kannerzuel vun de Friemen déi vun de Lëtzebuerger méi iwerdubbert, wat déi Situatioun nees méi a Fro gestallt gët.'T war souwisou schwéier, fir eng klinzeg Sträif Buedem iwwer Generatioune politesch onofhängeg ze halen a fir all Fäll déi demokratesch an administrativ Infrastruktur aus sëngen egene Leit opzestellen, déi e grousst Land séch vill éischter ka leeschten -intellektuell a finanziell. Wa mer awer esouwäit kommen, datt mer eng Onmass Saachen am egene Ländchen ouni auslännesch Noutstëpp nët méi rommkréien, da wäerte mer mat eiser Lëtzebuerger Aart geschwënn schappech dru sin.

Dëslescht as e Lëtzebuerger Folkloregrupp mat vill Kanner an Hessen op e Meeting gefuer, an't huet en Däitschen d'Kanner ausgefrot, wat si géifen doheem schwätzen: Do koum alles eraus vu portugiesesch bis hollännesch an dänesch. Neit Blutt bäikréien as sécher dat Néidegst vum Néidegsten. Da's aus der Aart geschloën am gudde Sënn.Ma wéilaang et nach op lëtzebuergesch geet, do sin ech iwwerfrot.

Iwwerfrot sin ech iwerhaapt schon wat d'Menong vun dene jonke Leit ënner 3o ugeet. Ech wéisst emol gär, wat d'Majoritéit vun dene vu 15-3o Joer iwwer "Lëtzebuerger Aart" denkt, a wat si dorënner versteet, an -wéi staark se nach drop hält! Fir si as "Lëtzebuerger Aart" ewell sécher eppes anescht ewéi fir méch. Do wir eng Enquête ze maachen, déi dërwäert kënnt sin.

Wat ech awer am geféierlechste géif fannen, dat

## Wat d'Heemecht as.




2. Et as déi Ierd, wou s du fir d'éischt
An d'Loft goufs ausgedron,
A wou déng Mamm dech huet getréischt,
Wann een dir wéi gedon.
Et as dat Haus, dee Gaart, dat Feld,
Wou s du bas opgewuess,
Den Eckelchen, deen s d'an der Welt } bis
Am allerléifsten hues.

3. Et as de Bierg, wou d'Fielze stin,
Den Dall mam frësche Gras,
Den Uurt, wou an der Hou si sin,
Déi s du sou giren has.
'T as alles ëm dech wäit a breet,
'T as d'Lëtzebuurger Land!
Gott seen et, datt et gutt ëm geet, } bis
Mat sénger staarker Hand!


Michel Lentz.

wir fir dem Lëtzebuerger, mëi wi engem anere Staatsbierger, moralesch Dugenden nozesoen. Am leschte Krich hun sech e ganze Koup eiser Leit schéi beholl, anerer hun sech mëi oder manner gutt erausgezunn an nach anerer hun sech dër geleescht, dëi haut nach nët vergiess sin. Et huet an de 4o-er Krichsjoëre sëcher hei e Solidaritéitsgefill gin, ma fir ze soën, dat wir genee esou bliwwen, wëi et an dene schlëmmste Momenter war, dat wëllt ech gewëss nët beschwieren, an nach vill manner wëllt ech een iwwerstreiden, datt et dat an eiser Geschicht ëmmer gin hätt.

Wat haut nach um Lentze Misch séngem Lidd drun as, "Wat d'Hemecht as, dat froën s'oft", dat weess ech nët. Jong Leit kënnt ech mer nët gutt virstellen, datt s'et nach gëife sangen. Ma wann ech den Text mëi genee kucken, dann huelen ech an uecht, datt en e gudde Batz manner houfrech a manner opgedonnert lassfiert ewëi méngentwegen "de Feierwon". Wann ech dëi puer dëck Tëin, dëi dra gespaut gin, ewechloossen, da kommen ech bal op dat, wat ech selwer ënnert enger Hemecht verstin: en Aarbel voll Gewunnëchten an Iddiën, dëi ech duurch dee Milieu krut, aus deem ech kommen. Fir de Lentz, deen d'Gedicht als stänneche Mann geschriwwen huet, sin et virun allem Erënnerongen. Elauter gudder fir hien: dat schued iwwregens dem Gedicht mëi, wëi et em notzt. "Hemecht" as och "Hemecht", wann ët drop reent a wann op all Mëschtekaul rapp a klapp as. Den Ennerscheed läit hechstens am "gär hun".

*forum: Besteet e Risiko, datt d'Awanderong d'national Identitëit a Fro stellt? Wir dat schlëmm?*

A.Atten: Sëcher besteet dee Risiko. Eng national Identitëit ka souzesoën nëmme vun enger Majoritëit gedroë gin. Et gët ni esou eng unis Populatioun anzwousch - a kengem groussen an a kengem klenge Land - dëi sech, ee wëi deen aneren, als datselwecht gëif fillen. A wa mir op en Drëttel Friemer heibanne kommen, dann as een Awunner vun dräi, dee rechtlech en anere Status huet ewëi dëi aner: Rechter dobaussen, dëi mir aner nët hun a Rechter heibannen nët, dëi mir aner hun. Ganz ofgesin dovun, datt dee friemen Awunner duurch d'Bank eng aner Sprooch schwätzt ewëi mir, a sproochlech grad huet d'Saach fir eis nach e besonneschen Hoken: wa mir an d'Frankräich resen, dann hate mer sëcher d'Geleënheet schons doheem franséisch ze lëieren, ma kee Fransous huet esou eng Geleënheet, fir bei sech lëtzebuergesch ze lëieren. Well eist Ländchen esou kleng as, kann ech kengem Auslänner et iwwelhuelen, wann en sech dobaussen nët grad op d'Lëtzebuergesch geheit. A wëi mëich en dat, a wat briecht et em an? Mat deem Geschéck gin et haut hei ganz Betrieber, wou muss franséisch geschwat gin, fir datt een deen anere versteet. 'T as bal iwerall esou, datt de Lëtzebuerger op dëi Manéier muss nogin. 'T wir wiirklech eng Statistik wäert fir gewuer ze gin, a wifill gemëschte Betrieber an a wifill gemëschte Stéit haut kee lëtzebuergesch (oder bal keent mëi) geschwat gët. 'T kann ee mer soen, datt d'Sprooch nët alles as, ma fir eise klenge Wutz Buedem as et op alle Fall freeschlech vill fir nët ze soen dat allermeescht. Dëi Nationalitéit dëi mir kritt hun, dëi as nët eisem Kapp no gewuess, ma mir sin dëi, dëi (geographesch gesin) rescht bliwwe sin, nodeems sech der ronderëm der Rei no zerwëiert haten; ma ier eis dat geschitt as, ware mëi Welscher hei ewëi Muselfränkescher,an datt zoufälleg 1839 bal elauter Muselfränkescher eleng rescht waren, huet sech ebe grad fond. Do si mir nët gefrot gin. An ech gëif soen, d'Halschecht




vun dene vun St. Väit iwer Bäerbreg bis op Diddenhuewen erof, déi emol eng Kéier lëtzebuergesch waren, denen as de Lëtzebuerger vergaang, an 't as bal kee méi vun hinnen, deen iwerhaapt nach drun denkt, datt en et eng Kéier war. Zum dacksten as et hinnen haut egal gin. Dee Klenge gët no, a wann en et nët wëllt, da gët en et geléiert. Néirewou op der Welt gesäit eng politesch Landkaart esou aus, ewéi wann e Sproochwëssenschaftler se geziicht hätt, an och nët, wéi wann s'allenenne plebiszitéiert wir gin.

Domat komme mer och op déi aner Fro:Wir dat schlëmm, wa mer eis national Identitéit géife verléieren? Ech mengen, déi Fro as op zwou Manéieren ze beäntweren, wirtschaftlech a gefillsméisseg. Eng éischt Fro wir fir mech ëmmer: Kann déi Grupp vu Leit, déi gär matenee politesch onofhängeg zesummen wir, sech esou gutt selwer erhalen, dass se nët alles ronderëm bei den Noper muss léine goen, wat se néideg huet? An eng zweet Fro dann: Verdréit déi Grupp sëch an hire Liewens- an Ausdrocksgewunnechten ënnereneen? Béides wir noutwenneg, ma wann ech op där enger Säit d'Schwäiz kucken, op där aner Säit d'Belsch, da weess ech nët, wou d'Rieder richteg dréinen, an ech kann och kengem virschreiwe wéi. Wier et nu schlëmm, wann der en etlech nët hei beienee bléifen oder en etlech engem groussen Noper zougesprach géifen, schlëmm wir et ëmmer fir déi, déi et géint hiren egene Wëlle missten erdroën.

Hir Kannskanner an der zweter Generatioun, déi geséichen d'Lag ewell vläicht mat aneren Aën. Ech soe "vläicht", dat heescht wann de Schnatt nët ze déif gaang wir. Ech well domat kenger Iwwermuecht a kenger Diktatur am geréngsten d'Wuert geriet hun. Ech behaapten nëmmen, datt eng national Identitéit eppes as, dat geschichtlech zoufälleg wiisst, an dat ee kengem aus enger Bluttprouf kann ofgesinn. 'T kënnt een nët als Lëtzebuerger op d'Welt, et gët een et ënnerwee. Ma wat ee méi wäit uechter d'Länner dorueter kënnt, wat engem de Kapp manner zouwiist; dat soll och elo nët schlecht gemengt sin. A wat een séch zur Nout a méierlee aner Volleksgruppe kann erafillen an erëmklappen, dat as op kee Fall schued. Ma d'Lëtzebuerger mussen iwwerléen, op ët fier si schued wir, wann s'eng Kéier, vläicht an engem verenegten Europa, zou enger gréisserer Provënz geschloë géifen. Ech eleng kann do jhust mëng ege Menung eropgin. Wat ech hei op kee Fall engem wëllt roden: Wéinst kulturelle Wäerter wirtschaftlech Virdeler opzegin. Eng Kéier huet e Buergermeeschter -en décke Bauer- mer geréngschätzeg dohigeworf, wéi ech fir de Lëtzebuerger Dictionnaire e puer Wuert hamstere koum:" An esou Leit ënnerhält de Staat! Amplaz ären ale Buttek ze versuergen, kuckt, datt ech e Kniecht kréien." - Hien huet mëch nët verstan, ma ech hien, duefir wëll ech kengem noleën, séch aus kulturelle Grënn iirgendeppes Lukratives laanscht d'Nues goen ze loossen. Jidderee spiirt säint, a wat et jidderengem wäert as, dat muss och jidderee wëssen.

*forum: Wann ech elo richteg verstan hun, kann een d'Sprooch also eréischt säit 1839 als Kritär vun der lëtzebuerger Identitéit huelen. Virdrun huet d'Natioun souwisou aus engem franséischsproochegen an engem däitsch-oder germaneschsproochegen Deel bestan. An 't as jo och nët un der Grenz, wu d'Eegenaarte vun engem Vollek géifen ophalen, wi Der gesot hutt. Mä kënnt een sech da nët d'Fro stellen, ob eng Natioun och eng staatlech Egeständnegkeet muss hun. Zum Beispill kënnt een sech virstellen, datt d'Lëtzebuerger eng Kéier an Europa eng Provënz gin ewéi haut d'Schwoben an*




*Däitschland, wat nët géif verhënneren, datt eng Lëtzebuerger Kultur bestoë bléif. A vläicht as dann de Problem vun den Ausländer nët méi esou geféierlech fir d'national Identitéit.*

A.Atten: Ob d'Lëtzebuerger sech virun 1839 als Natioun gesin hun, mat de belsche Lëtzebuerger zesummen, woën ech nët ze soën. An der belscher "province du Luxembourg" sin d'Wallouner och "des Luxembourgeois" a mir si fir si "des Grand-ducaux qui parlent l'allemand", wéi ech dacks gesot krut. Eréischt wu s'eleng woren, dat as richteg, hun s'e Nationalgefill entwéckelt an dat och sproochlech ugefaang duerzestellen. Virdru gouf ët keen Dicks.

Wat d'Opgoe vu Lëtzebuerg an engem gréisseren Europa ubelaangt,su géif ech mech sëcher nët dogéint stäipe, wann dat esou kéim. Ma mënger Menong no hëlt eis Emgangssprooch, déi knapp eréischt gewuess as, vun do un ganz séier of, wu mer ëmmer méi Nopere bäikréien, déi séch nët derzou verflicht fillen. Un der Sprooch hänkt nun emol bei äis ganz vill. A vergiesse mer nët, datt eis Sprooch nët duurch d'Solidaritéitsgefill entstan as, ma eist Solidaritéitsgefill as duurch d'Sprooch entstan.

Mir waren ee Moment souzesoën eleng an enger Welt, déi verkéiersaarm war, wuelverstan. Soss hätt d'Sprooch, wéi mir se schwätzen, déi ëmmer nëmme sele geschriwwe gin as, ni déi Bedäitung kritt, déi se huet. Ma vun deem Moment un, wou dat geschitt as, do hate mir offiziell kee "sproochlechen Daachverband" a mir hun haut och nach keen, zou deem mer offiziell gehéieren. Fir äis huet et dër emmer zwéi matenee gin - deen däitschen an dee franséischen -an da's esougutt ewéi keen: Mir hun äis bis haut kengem verkaaft. Mir kënnen nët soën, wéi aner Géigenden an Däitschland: Eis Sonndessprooch, dat as d'Schrëftdäitsch. Mir hun däer keng a mer fillen äis och nët verflicht, däer eng ze hun, oder besser: Mir soen äis, eist Egent as äis gutt fir sonndes a wiertes. Op déi Manéier denke mer virun op Lëtzebuergësch, an déi meeschte Leit gin sëch guer keng Rechenschaft driwwer, datt d'Lëtzebuergescht zum germanesche Sproochverband gehéiert. 'T gët nach vill gegildte Leit bei äis, déi dorun zweiwelen. Déi soen: Aa nee, mir sin eppes paartes, dat ware

mer zënter dem Grof Sigfrid. A wann een hinne géif virhalen: Dann huelt emol Wierder wéi Keller, Mauer, Messer, Teller, as dat nët jhust d'selwecht wéi doiwwer? Da géifen s'äntweren: Neen, dat as Zoufall. An heemlech oder onheemlech wire se da gutt béis. An den Aë vum Lëtzebuerger as sëng Sprooch tatsächlech eppes Egestänneges gin: grad déi dote Beispiller beweisen et.

Ma wann ech bis duurch eng ëmmer méi staark Awanderong, all Dag Leit begéinen, déi sëch nët verflicht spiren, lëtzebuergesch mat mer ze schwätzen, se guer nët kënne, an och knaps wëlle léieren, vun deem Moment un get déi gedanklech Aarbecht, fir bestänneg am Dag mussen d'Sprooch ze wiesselen, op d'laang Weil zevill. Do spillt dann nees d'Gesetz vun der Kammoudheet. 'T as dat wat dann d'Lëtzebuergescht lues a lues zréckgoën deet. Ech mierken schons, wann ech hei schwätzen, wéivill friem Wierder ech selwer gebrauchen. Ech géif där aner och fannen, awer da séiz ech fënnef Minutten hei ze kalenneren: Wéi seet sëch dat am schéinsten op Lëtzebuergësch? Déi Zäit hëlt een sëch nët all Kéier. Esou geet et jidderengem, an déi wéinegst man sëch Gedanken driwwer.

Datt nun awer eng provinziell Aglidderong eis Lëtzebuerger Kultur sollt ongeschuere loossen, dat gleef ech nët: Déi geet da ganz duuss bierg-of, jiddefalls sproochlech, zemools wëll mer demographësch den Ablack esou schappeg dostin. Ma dat dierf äis nawell nët ofhalen, déi Provënz ze gin. Lëtzebuerg däerf ni esou en absolutten Zweck u sëch bleiwen, datt ech géif soën: Léiwer all aner Virdeler geaffert, ma wéinstens den Numm behalen. Dat géif glat näischt brëngen. Ech soë léiwer dat hei: Wa mir äis bis dohin nët vum selwen auserneegelieft hun, da besteet eng Chance, datt esou eppes ewéi e lëtzebuergesche Regionalissem och nach um europäesche Plang weidergeet. Dat hält dann zum Deel un äis selwer, zum Deel och nët.


*forum: Jo, ma 't huet een heiansdo d'Impressioun bei verschidde Leit, datt se sëch grad géint déi Entwecklong wiirklech striewen. Ech denken, zum Beispill, och un dee "Projet de loi", fir elo op eemol d'Lëtzebuergëscht zu enger offizieller Sprooch ze erklären, wat un der Realitéit absolut näischt wäert änneren.*

A.Atten: Ännere wäert dat Ganzt sëcher knaps eppes. Méi wéi e symboleschen Akt kann et nët sin, zemools wou d'Gesetzsprooch an d'Verwaltungssprooche jo nët ugetaascht gin. Ech sin nawell derfir, datt et geschitt. Dësleschtt hun ech mech um WDR grad esou ausgeschwat. Mir as et fir méng Deel wuel am Lëtzebuergëschen, awer ech maache beileiwe kengem anere Virschrëften, dee mat sënge Nopere muss duerkommen, well dorëmgeet et och.

National Hümm

Wou d'Uelzécht duerech d'Wisen zitt.
Wou de Greechen duerech d'Guurgel zitt.
Wou den Duerchzuch duerech d'Schierbel zitt.
Wou d'Arbed stänneg d'Schaffleit zitt.
Wou d'Bild am Sonntag montags zitt.
Wou samstags d'Bundesliga tritt.
Wou dat Roud nët zitt, well dat Schwaarzt hei blitt.
Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg blitt.
Wou eis Gottweesswatnachalles blitt.
Wou d'Brauerei dem Bauer hei sëng Britt.
Wou duerch d'Fielsen d'Sauer brécht.
Wou sëch um Fiels de Kapp zerbrécht.
Wou vum Iessekascht den Dësch bal brécht.
Wou sëch den Antekrëscht d'Genéck bal brécht.
Wou den Himmel Wäin eis mécht.
Wou de Wäin den Himmel mécht.
Wou den Himmelwäin hei Sëffer mécht.
Wou déi houre Biren.
Wou d'Spaghettisfrësser.
Wou d'Sardinnefrësser.
Wou déi verdruddelt Biren.
Wou déi verbaaschtert Portugiesen.
Wou déi mam Ziff.
Wou déi mam Krätz.
Wou déi ouni Geescht.
Wou déi ouni näischt.
Wou déi näischt fir näischt.
Wou déi Näischterten.
Wou as eist Land fir dat mer géif?
Wou as eist Land dat mir sou déif?
Heinidden alles won?
An eisen Hierzer dron?
Nu laf nët vrun de Won.
Du friemen Zoppeklon.
Soss gës de nach erschlon.
Du hues hei näischt ze son.
Well mir dat nët verdron.
Heinidden alles schlon!
Am Hierz e Klëppel dron!

Guy Rewenig



(Den Text "National Hümm" as en Auszuch aus dem Guy Rewenig sëngem neie Cabaret-Programm "Gemittlech Katastroph", deen am Dezember 82 gespillt gët)

Sprooch as Kommunikatioun. Ech kann do nët soen: Zéi s'all iwwert ee Leescht, bannent eise Grenzen hun se ze paréieren a lëtzebuergesch ze schwätzen. Wien hei wiem muss nogin, dat gët um Enn dach eng Saach vun Zuelen.

Nun awer eng leschte Kéier drop zréck, ob mir eng Natioun sin oder eng Natioun waren: Ech géng soen, mir sin eng gin doduurch, datt 1839 zoufälleg elauter däer vun enger Zort beieneeblloufen. Ma d'Gefor as, datt mer eng Kéier keng méi kënne bleiwen, wa mer bis mat Friemen total vermëscht sin. D'Fro as natiirlech ëmmer wat een zur Natioun zielt, all déijéineg, déi beieneenhausen oder déi, déi d'nämmlecht Rechter hun ? Ethnesch gesin kann ee vläicht iwwer en etlech Jore schwéierlech nach vun enger Natioun hei schwätzen, wa mer Pech hun. Politesch bleift se bestoën, soulaang Europa nët virumécht. Mir kënnen offiziell vläicht esouguer méi laang Lëtzebuerger bleiwen wéi mer et ethnesch nach wäerte sin.

*forum: Wéi erklärt dir dat aktuellt verstäerktent Intressi fir Geschicht a Folklore? Ech denken z.B. u Radiosëmissiounen, Bicher, Folkloropféierungen...*

A.Atten: Wann ech ganz éierlech soll drop äntweren, da muss ech soen, datt däer Uersaache sécher vill am Spill sin an datt s'esou duurchernee gin, datt ech schwéierlech déi ze pake kréien, op déi et am meeschten ukënnt. Wat op alle Fall staark matspillt, da's datt een deem aner gär alles nomécht. Da's nët nëmmen am Sport esou, ma och allgemeng am Veräinsliewen. 'T brauch een nëmmen all Joër eis Bibliographie an de Grapp ze huelen, da gesäit een wat u Veräinsbroschüre gedréckt gët - an dene meeschten as Geschicht a Folklore ze fannen,domat verbonne si ganz vill Fester, déi dat eent oder dat anert och wëlle lieweg maachen. Wéiwäit hei auslännesch Virbiller eng Roll spillen, däitscher a belscher virun allem, d'as alt erëm schwéier soën, well eng genee Iwersiicht feelt. 'T wëssen haut vill méi interesséiert Leit, wéi s'un eppes kommen, wann se Loscht hun. Fir wat haut méi ewéi soss? - Ech géif soen, d'Haaptstéchwierder misste sin: Informatioun an Imitatioun. 'T gët engem soss och dacks entgéintgehalen, dat Ganzt wir eng Réckbesënnong op dat méi Mënschlecht vu fréier. Wann deess derbäi as, dann as dat awer éischter eng Haltung vu méi stännege Leit ewéi vu jonke Leit. Dene geet ëmmer nach näischt séier genuch, an ech wëll en ës duefir nët. Op alle Fall as et schwéier soën, ob nees deen Driff do as, fir en aalt Komunitéitsgefill erëmzefannen, dat ee mengt verluer ze hun. Méiglech wir et, awer méi kann ech och nët soën. Iwregens: Wat mer méi Lokalgeschicht a Folklore am Ländche produzéieren, wat dës och méi gerubbelt gët. An där Iwwerproduktioun bedauert een dacks, datt et muenechmol e Strapp ze séier geet. Dacks gët eppes iwwer de Knéi gebrach, well onbedéngt eng Saach fir e bestëmmten Dag muss opgezu gin, wat gës de, wat hues de, an dann as hannen a vir eppes verkéiert. Bei der Geschicht as et eng Fro vu Gréndleckheet, bei Folklore eng Fro vun Echtheet virun allem, an déi zwou Saache si besonnesch am Folklore nët liicht bäizebréngen. Oons dat kommerzialiséiert sech do alles ganz liicht, an da geet et nët méi op e Grapp un. Ma wat ech ëmmer gär wéisst, dat as, wie bei esou Folkloremanifestatioune matmécht.

Bei all Fester, déi ech fir de Radio an Direktreportage hëllefen iwwerdroën, do din ech apart dorop uecht; an ech si paff, wéivill jong Leit nach derbäi sin, ob dat nun d'Buurgbrennen, de Meekranz oder soss eppes as. 'T fällt engem bei dene Jonken am Fong näischt Kënschtleches op. Si man eppes, well dat och virdrun ëmmer esou gemaach gin as, a wann haut méi dervu geschwat gët, dann as dat well d'Press méi op Drot as ewéi soss. Ma ët gët och Gruppen, fir déi as hire Folklore eppes ewéi eng Géigewelt; däer hun ech nët vill gesin, ma däer gët et och. Déi wëllen e Stéck Lëtzebuerger Natur erëmfanne, apaart an der Musek an am Danz, an si wire glat nët frou, wann een hinne ging auserneendin, watferee groussen Duurcherneen am Fong all Vollekstraditioun duerstellt. Ma si sin nët all esou, wéi gesot. Et kennt een dër och, déi ganz aniichter bleiwen an déi sech an eppes zréckversetzen, reng fir ze verstoën. Ech weess, datt ech d'Äntwert op déi Fro nët ganz ka bäibréngen, ma ech wëll op alle Fall festhalen, datt ech d'Verännerung nët esou grouss gesin ewéi se anere vläicht schéngt. Well wann ech déi Leit zielen, déi séch fläisseg iwwer Geschicht a Folklore dokumentéiere, déi méi dru schaffen ewéi dermat spillen, da fannen ech nët, datt hir Zuel esou terribel an d'Luucht geet.